n° 3556

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 15:17, 01/02/2021

Lëtzebuerg, den 01/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Op der Pressekonferenz vum 1.02.2021 goufen nach weider Detailer zur Impfstrategie am Grand-Duché virgestallt. Am ganze goufen elo 6 Phasë festgeluecht.

D'Gesondheetsministesch huet och an engem Radio-Interview erkläert, dass mëttlerweil 23'000 Impfstoff-Dose géint de Covid-19 geliwwert goufen an, dass een hofft d'Phase 2 schonn Ufank Mäerz kënnen unzefänken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Zu wéi engem Zäitpunkt gëtt eng Persoun gewuer, wéi een Impfstoff fir si virgesinn ass?
   Gëtt an dësem Zesummenhang een Ënnerscheed tëscht Persounen, déi an enger Klinik oder Altersheem geimpft ginn, an de Persounen, déi eng Invitatioun fir een Impfzenter kréien?

2. Sollt een Dokter bei der Consultatioun am Impfzenter feststellen, dass eng Persoun besser net sollt geimpft ginn, kann dës Persoun dann nach een Avis vun engem zweeten Dokter (zum Beispill dem Hausdokter) anhuelen oder ass se endgülteg vun der Impfcampagne ausgeschloss?

3. Wat geschitt, am Fall wou den Dokter am Impfzenter enger Persoun zu engem bestëmmten Impfstoff réit, dës Persoun op eege Verantwortung awer léiwer en Impfstoff vun engem anere Produzent wéilt kréien?

4. Kann eng Persoun sech och nach am Impfzenter, fir een aner Impfstoff entscheede wéi fir deen, dee fir si virgesi war, sollte verschidden Impfstoffer zur Verfügung stoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**REÇU**
*Par Christine Wirtgen , 07:36, 08/02/2021*

Luxembourg, le 5 février 2021

**Réf. :** 836x84aec

**Concerne**: Question parlementaire urgente n°3556 du 1er février 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3556 du 1er février 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la « stratégie de vaccination ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3556 du 1er février 2021 de Monsieur le Député Marc Goergen concernant la « stratégie de vaccination ».**

*1. Zu wéi engem Zäitpunkt gëtt eng Persoun gewuer, wéi een Impfstoff fir si virgesinn ass? Gëtt an dësem Zesummenhang een Ënnerscheed tëscht Persounen, déi an enger Klinik oder Altersheem geimpft ginn, an de Persounen, déi eng Invitatioun fir een Impfzenter kréien?*

D'Impfung ass ee medizineschen Akt deen hei am Land vun engem Dokter décidéiert gëtt. Ewéi bei all Impfung, ass et och bei der Impfung géint COVID-19 um Dokter ze décidéieren, ob eng Persoun ka geimpft ginn. Den Dokter décidéiert och, wéi eng Impfung de Patient kritt, dat andeems en den Indicatioune vum Hiersteller a vun den sanitären Autoritéite Rechnung dréit. Am Moment ginn zu Lëtzebuerg den Impfstoff vun Pfizer/Biontech a vun Moderna benotzt. Dës zwee Impfstoffer baséieren ob deemselwechten Konzept an ähnelen sech ganz vill. Well den Moderna Impfstoff awer beim Transport méi komplex ass, gëtt an den Alters- a Pflegehäimer vun de mobillen Equippe virun allem den Impfstoff vun Pfizer/Biontech agesat.

*2. Sollt een Dokter bei der Consultatioun am Impfzenter feststellen, dass eng Persoun besser net sollt geimpft ginn, kann dës Persoun dann nach een Avis vun engem zweeten Dokter (zum Beispill dem Hausdokter) anhuelen oder ass se endgülteg vun der Impfcampagne ausgeschloss?*

Dee Moment wou de Patient säin Rendez-Vous hellt, kritt hien schonn eng Rei Fäll matgedeelt an deenen hie besser hätt, als éischt mat sengem Hausdokter ze schwätzen. Den Dokter, deen d'Impfung verschreift, dréit d'Responsabsillitéit fir dës Décisioun. Ee Patient kann natierlech zu all Moment den Avis vun engem zweeten Dokter anhuelen.

*3. Wat geschitt, am Fall wou den Dokter am Impfzenter enger Persoun zu engem bestëmmten Impfstoff réit, dës Persoun op eege Verantwortung awer léiwer en Impfstoff vun engem anere Produzent wéilt kréien?*

Den Dokter, deen d'Impfung verschreift, dréit d'Responsabsillitéit fir dës Décisioun. Et bleift domatter eng Décisioun vum Dokter deen net duerch de Patient vu senger Verantwortung kann entbonne ginn.

*4. Kann eng Persoun sech och nach am Impfzenter, fir een aner Impfstoff entscheede wéi fir deen, dee fir si virgesi war, sollte verschidden Impfstoffer zur Verfügung stoen?*

Ewéi an den Äntwerten ob d'Froen 2 an 3 ervirgeet, entscheet den Dokter wéi een Impfstoff de Patient kritt.